



MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An ech froen d'Chamber, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete Vote ze entbannen.

(Assentiment)

Villmools Merci.

Da gi mer iwwer zum leschte Projet fir haut den Owend, de Projet 6620, en Accord iwwert de Service International de Recherches. D'Rie-dezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo als ageschriwwen Riedner: den Här Wiseler an den Här Graas.

An d'Rapportrice, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol, huet direkt d'Wuert.

12. 6620 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif au Service International de Recherches, signé à Berlin, le 9 décembre 2011

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, Här Statsminister, léif Kollee-ginnen a Kollegen, de 27. September d'lescht Joer huet den deemolege Premier Jean-Claude Juncker de Projet 6620, iwwert dee mer haut solle stëmmen, déposéiert.

Den 20. Januar dëst Joer huet dunn d'aussepolitesch Kommissioun mech zur Rapportrice bestëmmt. An der Réunioun vum 6. Februar hu mer an der Kommissioun iwwert de Projet de loi souwéi och iwwert den Avis vum Statsrot, dee vum 20. Dezember datéiert, diskutéiert. Mäi schréffleche Rapport, dee gouf dunn den 3. März ugeholl. An ech wäert lech dann elo mäi mëndleche Rapport zum Projet de loi virdroen.

Schonn 1943, dat heescht nach während dem Zweete Weltkrich, gouf zu London beim Roude Kräiz e Bureau de recherches ageriicht, deen ugefaangen huet, Leit, déi vermësst goufen, ze enregistreieren an och Recherchen iwwert déi Persounen ze maachen. No an no, wéi déi Aliéiert déi däitsch Truppen an Europa zrëckgedrängt hunn, sinn eng ganz Partie Dokumenter fonnt ginn iwwer Mënschen, déi deportéiert goufen, awer och iwwer Leit, déi a KZer waren, Krichsgefangener a Leit, déi déplacéiert goufen.

D'Zil war et, déi Leit, déi vermësst goufen, ze sichen, dat mat Hëllef vun där Dokumentatioun, déi fonnt ginn ass, an déi huet ebe misen opbereet ginn, fir datt se och optimal konnt genotzt a verwäert ginn.

Natierlech ass et awer och drëms gaangen, fir Familljen erëm zesummenzeféieren, well et dierf een net vergiessen, datt och Kanner, zum Beispill op der Flucht, hir Elteren oder awer och ëmgedréint Elteren hir Kanner verluer haten. Et war also eng éischter humanitär Missioun, déi um Ursprung vun deem Bureau de recherches stoung, deen 1946 op Bad Arolsen, eng Stad hei vir am däitsche Bundesland Hessen, transféréiert gouf, wou e säit dem 1. Januar 1948 als Service International de Recherches, ofgekierzt SIR, funktionéiert.

1955 dunn, duerch d'Accorde vu Bonn, ass de SIR ënnert d'Autoritéit vun der Commission Internationale pour le Service International de Recherches gesat ginn. An d'Direktioun an d'Verwaltung vum SIR gi säitdeem vum International Comité vum Roude Kräiz assuréiert.

Déi Accorde vu Bonn goufen tëschent néng Länner, nämlech der Belsch, Frankräich, der Bundesrepublik Däitschland, Israel, Italien, Lëtzebuerg, Holland, Groussbritannien an de Vereenegte Staten, ofgeschloss. All déi Länner sinn och an der internationaler Kommissioun vertrueden. Derbäi kommen nach Griichenland a Polen, déi méi spéit d'Accorde ratifizéiert hunn. An dann nach zwee Observateuren: d'Internationaalt Rout Kräiz an dat Héicht Kommissariat fir Flüchtlinge vun de Vereenten Natiounen, d'UNHCR also, déi mat do um Dësch setzen.

Et sief och nach gesot, datt d'Bundesrepublik Däitschland sech deemools engagéiert huet, de SIR ze finanzéieren, an datt dëst och no der Vereenegung vun Ost- a Westdäitschland de Fall bliwwen ass.

A wann ech bei Ost a West sinn, dann ass et och vläicht interessant, drop hinzewiesen, datt all déi Länner, déi nom Krich e kommunistesche Regime haten, net beim SIR matgemaach hunn. Jugoslawien huet zwar 1964 eng Demande gemaach gehat, fir derbäi ze sinn, mä déi gouf net vun der internationaler Kommissioun akzeptéiert. A Polen ass eréischt zënter dem Joer 2000 hei Member.

2007 sinn d'Accorde vu Bonn schonn eng Kéier geännert ginn. An hei zu Lëtzebuerg ass dann deenen Ännerungen duerch d'Gesetz vum 11. Juli zougestëmmt ginn. Duerch dee Vote deemools sinn d'Archive vum SIR fir Recherchezwecker opgaangen, well virdru war et nämlech esou, datt nëmmen d'Affär an hir Familljen Zougang zu deenen Dokumenter haten. A wéinst dëser neier Missioun, déi am Laf vun der Zäit ëmmer méi Plaz an der Aarbecht vum SIR ageholl huet, an duerch de Fait, datt den Internationale Comité vum Roude Kräiz décidéiert huet, sech aus der Gestiou vum SIR erauszéien, ass et néideg ginn, en neie Cadre juridique fir de SIR ze schafen.

De Réckzuch vum Internationale Roude Kräiz ass iwwregens schonn effektiv, dat säit Enn 2012. No 57 Joer Aktivitéit also huet d'Rout Kräiz sech aus der Direktioun vum SIR zrëckgezunn. Dëst, well se der Meenung waren, datt déi primär Missioun vum SIR, déi humanitär Missioun also, vun där ech virdru geschwat hunn, vill u Wichtigkeet verluer huet par rapport zum Volet vun der historiescher Recherche.

D'Commission internationale ass séier zur Konklusioun komm, datt en neien Accord néideg wär, fir deene verännerte Realitéite Rechnung ze droen an d'Entwécklung vum SIR zu engem Centre de documentation et de recherche ze ënnerstëtzen. Gläichzäitig war et awer néideg, och en neien institutionelle Partner ze fannen. 14 Réuniounen waren néideg, fir dësen Accord, iwwert dee mer haut ofstëmme sollen, auszeschaffen. En ass dunn den 9. Dezember 2011 zu Berlin ënnerschrifwe ginn.

Deen neien Accord garantéiert nach ëmmer d'Poursuite vun de Missiounen, déi de SIR bis elo hat, erweidert a prezisiéiert dës awer am Beräich vun der Recherche. Deemno gehéiert zu de Missiounen vum SIR d'Konservéieren, d'Préservéieren, d'Katalogiséieren an d'Indexéiere vun den Archiven an den Dokumenter, déi een am Besëtz huet am Zesummenhang ebe mat der Recherche vu vermësst Persounen, awer och fir d'historesch Recherche vun Drëtten oder vum SIR selwer, fir Erënnerungs-aarbecht ze leeschten oder fir bei Gerichtsprözesen kënnen Hëllefstellung ze ginn.

A sengem zweeten Deel gesäit den Accord awer och vir, datt all Land, dat eng Demande mécht, eng Kopie vun den Archiven an den Dokumenter kritt. Dat ass allerdéngs net nei, et ass scho säit der Modifikatioun vum 2007 méiglech. Lëtzebuerg huet entre-temps och esou eng Demande gemaach an deemno eng elektronesch Kopie zur Verfügung gestallt kritt. De Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance géréiert dës Kopie dann.

Wat ass elo alles an deenen Archiven? Eng ganz Partie och fir eist Land interessant Donnéeën, Donnéeë vu Leit, déi a KZer waren an a Prisonen, Archiven am Zesummenhang mat den Aarbechtslageren, Donnéeën iwwer déplacéiert Persounen. Ënner déplacéiert Persounen, do versteet een „verschleppt Persounen“. Et handelt sech hei ëm aacht bis néng Milliounen Mënschen, déi an 2.500 Lageren ënnerbruecht waren an déi duerno erëm zrëck an hir Heemechtslänner gaange sinn oder awer och an aner Länner ausgewandert sinn.

Derbäi kommen dann och nach Dokumenter, déi duerch d'Aarbecht vum SIR entstane sinn, wéi zum Beispill en zentrale Fichier mat Nimn; en Archiv, fir Kanner ze sichen, an d'Korrespondenz mat iwwerliwende Familljememberen an Affär och vum NS-Regime. Alles dat zesumme mécht net manner wéi Donnéeën iwwer 17 Milliounen Persounen aus. Wesentlech ze ernimmen ass dann och, datt beim Accord nach en Accord de partenariat mam däitsche Bundesarchiv derbäi ass. D'Bundesarchiv ass zënter dem 1. Januar 2013 den neien institutionelle Partner vum SIR, an dat elo emol fir fënnf Joer. Dat kann awer verlängert ginn.

Voilà, esou vill zum Inhalt vum Projet de loi. Wat seet de Conseil d'État dozou, zu deem Projet de loi, deen eigentlech nëmmen een Artikel huet? Ma eigentlech net vill, ausser datt e virschléit, den Intitulé vum Projet de loi méi prezis ze faassen, esou datt och dobäisteet, wou a wéini de Projet de loi, den Accord also, ënnerschriww gouf, genau wéi den Article unique, deen déi Prezisiounen och enthält. D'aussepolitesch Kommissioun huet sech där Proposition gären ugeschloss.

Voilà, Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kollegen, meng Aarbecht als Rapportrice wär deemno gemaach. Ech hoffen natierlech, datt

mer dëse ganz interessante Projet elo kënnen unanime hei stëmmen.

Ech fir mäin Deel kann op alle Fall d'Zoustëmmung vun de Sozialiste ginn an ech soen lech Merci, datt Der mer esou laang nogelauschtert hutt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Rapportrice. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Just fir och der Rapportrice Merci ze soe fir dee gudden schréfflechen a mëndlechen Rapport. Mir hunn net nëmmen hei an der Chamber elo alles am Detail erkläert kritt, mir haten och eng ganz laang Kommissiounssëtzung, wou déi Responsabel vun der Administratioun eis wierklech all Detail flott erkläert hunn an eis dofir de Projet och mat all senge Konsequenzen duergeluecht hunn. An ech muss soen, et ass e gudden Projet, dee mer hei hunn, a mir ënnerstëtzen dee selbstverständlech als CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wiseler. Dann den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi huet u sech hei zwou ganz interessant Facetten: éischten mécht en et méiglech, mënschlech Schicksaler aus dem Zweete Weltkrich opzklären. An déi zweet Facette fannen ech awer mat Sécherheet genauso interessant: En erlaabt nämlech och, Messagé weiderzeginn un déi heiteg Gesellschaft. An ech wollt och kuerz vläicht op deen zweeten Aspekt do agoen.

Esou wéi et jo och am Projet de loi festgehalen ass, soll dee Projet hei derzou dëngen, fir d'Mémoire collective u sech ze festegen, ze verbessern. An dat ass och eng ganz wesentlech Aufgab. Et huet een nämlech heiansdo ëmmer méi d'Gefill, wéi wa besonnesch an eiser Zäit dat, wat am Zweete Weltkrich geschitt ass, ëmmer méi vergiess géif. Eng Mémoire collective ass natierlech eppes Selektives, ass eppes Subjektives, an dowéinst ass et och wichtig, datt ee fiabel historesch Fakten huet. An och wa mer den Negationismus wëlle bekämpfen - an dee muss bekämpft ginn -, da brauch een natierlech dofir verlässlech historesch Daten.

Dowéinst brauche mer, wéi gesot, wichtig Strukturen, fir am Fong geholl detailléiert kënnen déi Verbrieche aus dem Zweete Weltkrich opzeschaffen. Ech wëll hei virun allem och op ee ganz gutt Beispill hiweisen: Dat ass de Centre de documentation juive contemporaine vu Paräis, dee scho während dem Krich, mä virun allem och nom Krich eng enorm, akribesch Aarbecht geleescht huet, mam ganz positiven Resultat, datt kee Geréngere wéi de Klaus Barbie konnt de 4. Juli 1987 condamnéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de 25. Mee elo Europawahlen virun der Dier. Elo frot Der vläicht: Wou ass de Lien zwëschen den Europawahlen an dësem Projet de loi? Mä och do muss een awer hei ënnersträichen, datt déi Europawahlen aus menger Siicht hier eng vun deene wichtigste sinn, zënter datt mer d'Direktwahl vum Europaparlament aus dem Joer 1979 kennen, well wann dat nationalistescht Gedankegutt sollt do zum Duerchbroch kommen - a leider weise jo eng Rei Tendenzen dorobber hin -, da wäert d'Europäesch Unioun ouni Zweifel ganz schwéier Zäite viru sech hunn.

Dowéinst ass et ebe wichtig, datt een ëmmer erëm awer och virun allem drop hiweist, zu wat iwwerdrifwene Nationalismus an enger Gesellschaft féiere kann. An och dëse Gesetzesprojet soll derzou dëngen, fir, wéi gesot nach eng Kéier, deen Aspekt besonnesch ze ënnersträichen. Well Zougeknäpptheet no baussen an Intoleranz ass mat Sécherheet Nährbuedem genuch, fir zu ganz schwéieren Entwécklungen an eiser Gesellschaft ze féieren.

Zum Projet selwer ass awer vläicht nach ze soen, datt et wichtig ass, datt mer jo och als Lëtzebuerger Land eng elektronesch Kopie vun all deenen Donnéeën zur Verfügung hunn. Datt natierlech déi Privatsphär muss maximal geschützt ginn, ass och ganz evident.

Et ass u sech, an d'Madame Rapportrice, där ech och hei Merci soe fir deen ausféierlechen a gudden Rapport, huet dat schonn hei betount, wéi gesot, et ass ganz wichtig, datt déi Décisioun vum Mee 2010 elo hei ëmgesat gëtt, datt u sech déi Aarbecht, déi um Niveau vun deem Service do gemaach ginn ass, elo och fir historesch Recherche verstärkt zur Verfügung gestallt gëtt, well historesch Recherche ass nach wie vor enorm wichtig.

Dofir ass et fir eis als DP selbstverständlech - an ech soen och näischt Neits hei, d'DP, déi jo mat

Sécherheet déi Partei ass, déi besonnesch Verwurzelungen huet zu deem, wat am Zweete Weltkrich geschitt ass -, datt se natierlech hanert deem Projet steet an och wäert hir Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Graas. Dann huet d'Wuert d'Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Merci, Här President. Merci der Rapportrice, a just ganz kuerz, fir d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet ze ginn.

► **M. le Président.**- Merci. Dann als leschten agedroene Riedner den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Ech schlësse mech och ganz gär dem Merci un d'Rapportrice u fir hire ganz komplette Rapport. Just vläicht e puer Wierder. Ech soen och dem Här Graas Merci fir dat, wat hie gesot huet. Et ass ëmmer gutt, drun ze erënneren, datt dee Krich selbstverständlech och entstanen ass ënner anerem aus iwwerdrifwene Nationalismus, niewent villen aneren Ursachen, an datt et wichteg ass, och géint dee Rassismus an aner esou Erscheinungen opzotrieden, déi mat ursächlech un deene mënschlechen Dramata schëlleg waren, déi mer do kannt hunn.

Elo, wat deen heite Projet konkret ugeet, hu mer zwou Suerger, an déi adresséiere sech dann haaptsächlech un de Statsminister. An deenen Dokumenter, déi mer zur Verfügung hunn, stoung, datt déi relativ spéit Ratifizéierung ënner anerem doduerch bedéngt ass, datt net genuch Leit do waren, e Manque de personnel an engem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance.

Dat ass u sech net ze akzeptéieren. Et ass traureg, well dat heiten ass, wéi meng Virriedner et och betount hunn, eng wichteg historesch Aufgab an eng wichteg humanitär Aufgab, datt déi do Aarbecht seriö geholl gëtt, och vun enger Regierung, datt se mat Fläiss kann erlee degt ginn an datt déi zoustänneg Administratioun genuch Leit hunn, fir déi Aarbecht och kënnen ze erfüllen.

D'selwecht: Mir hunn 2016 an 2017 déi Lëtzebuerger Présidence vun deem Service International de Recherches, an ech mengen, mir fuerderen hei awer och den Här Statsminister an d'Regierung op, derfir ze suergen, datt déi Présidence kann ënner optimale Bedéngunge vireet an duerghezu ginn.

Dann ass eis och gesot ginn, a mir hunn dat an den Dokumenter kënnen noliessen, datt Lëtzebuerg nach ëmmer keen Archivgesetz huet.

Wann d'Regierung wëllt nolauschteren, dann...

(Interruption)

Dat ass ganz gutt, Här Statsminister, mä ech wollt lech ebe froen: Déi Lacune, déi eben existéiert mam Archivgesetz, gedenkt d'Regierung, eis e Projet de loi an där Richtung dann ze presentéieren, datt déi Lacune ka gefëllt ginn?

A schlussendlech, de Statsrot hat awer e bëssche méi gesot, wéi d'Madame Dall'Agnol an hirem Rapport eis presentéiert huet, well de Statsrot hat iwwert den Artikel 7 vun deem Gesetz och de Wonsch ausgedréckt, datt déi Arrangementen, déi géife getraff ginn, bei deenen aneren Aufgabe vum SIR géifen am Mémorial publizéiert ginn. Och do ass meng Fro un d'Regierung: Wëllt Der där Opfuederung vum Conseil d'État nokommen? Ech mengen, et ass am Interess vum enger gudder Législatioun an engem Respekt awer virun der Constitutioun, fir dat dann och ze maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. An elo huet den Här Premier- a Statsminister d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Merci, Här President. Ech wëll och fir d'Éischt hei der Madame Dall'Agnol Merci soen als Rapportrice iwwert deen doten Text. Ech weess och dat, wat den Här Graas gesot huet ze schätzen, iwwert d'Wichtigkeet vum Souvenir, fir net ze vergiessen déi Atrocitéiten, déi am Zweete Weltkrich geschitt si vis-à-vis vu Minoritéiten, vis-à-vis vu Reliounen.

An et gehéiert zur Geschicht, déi an Europa geschitt ass, a wéi gesot ass et och wichtig, dass déi Geschicht net zerstiéert gëtt an déi Geschicht och analyséiert gëtt an dass een dorop zrëckgräife kann. Justement, fir dass ni méi esou eppes geschitt, wéi et am Zweete Weltkrich geschitt ass!



Ech weess och, dass d’Rapportrice an hirer Qualitéit als Member vum Euromed-Parlament och haut kuckt, d’Vëlker méi no beieneenze-bréngen, wat selbstverständlech och an deem heite Kontext ze ennersträchen ass.

Här President, hei geet et drëms, den Accord, deem 2011 zu Berlin ennerschriwwen ginn ass, an eis Gesetzgebung ze ratifiéieren. Et si Saache gesot ginn, déi ganz, ganz wichteg sinn. Et sinn eelef Memberen dran. Et sinn nach zwee Länner, déi net ennerschriwwen hunn, sauf er-reur de ma part, dat sinn d’Belsch a Lëtze-buerg. Dat sinn déi zwee, déi nach net rati-fiéiert hunn. Dowéinst ass et och ganz, ganz wichteg, virun allem wann ee weess, dass mer d’Presidentschaft an zwee Joer och wäerte kréien.

Den Här Kartheiser huet och prezis d’Fro ge-stallt, wéi et ass mat den Arrangementen, dass déi sollte publizéiert ginn. De Conseil d’Etat schreift och, hie géif dorop insistéieren. Déi Re-marque wäert och am Service bei eis am Minis-tère weidergi ginn, fir dass selbstverständlech och dann de Respekt vis-à-vis vun der Norme législative gemaach gétt.

Hei gétt gesot, et wieren net genuch Leit an deem engen oder an deem anere Service. Fir eis ass et schonn immens wichteg, dass mer den SIR hunn, wou mer kënnen justement drop zrëck-gräifen. Dir wësst jo, dass den SIR als Hauptmis-siounen d’Conservatioun, d’Préservatioun, de Catalogage, d’Indexatioun huet an dass 75 Mil-lioun Saiten do sinn! An dat concernéiert iwwer

17,5 Millioun Leit, déi do classifiéiert sinn, an dat gehéiert och säit Oktober 2013 jo zur Welt-mémoire vun der Unesco. Dat sinn alles Fakten, déi een net soll vergiessen.

Dass elo net genuch Leit an deem engen oder an deem anere Service sinn: Ech muss lech just soen, dass ech gären hätt - an ech verstopp en net - , an ech wäert mech och elo mat de verschiddeenen Associatiounen, déi an deem Beräich tätig sinn, a mat de Servicer zesumme-setzen, fir ze kucken op d’mannst, fir méi ze-summenzeschaffen.

Dir wäert bei der Lag vun der Natioun méi In-formatiounen kréien, wéi dat soll fonctionnéieren. Mä fir mech gétt et do nach Potenzial, fir méi zesummenzeschaffe bei deene verschidde-nen Acteuren, déi do an deem Contexte histo-rique och eng Missioun hunn. An ech wäert, wéi gesot, den 2. Abrëll bei der Lag vun der Natioun soen, wéi ech virgesinn hunn, déi nächst Méint och an deem dote Kontext méi Kohärenz ze ginn an och vläicht méi Unicitéit vis-à-vis vun deem engen an deem anere Ser-vice, dee mer hei hunn.

Ech si ganz frou, wa mer hei an dëser Chamber och eng Unanimitéit op esou Texter hunn. Dat beweist, dass mer eis bewosst sinn, wat ge-schitt ass. A wéi gesot, et ass net en Droit à l’histoire, et ass en Devoir d’histoire! Dee muss do sinn.

A wéi gesot - hei ass vill vun Europawahle ge-schwat ginn -, ech géif just drun erënneren, dass fir déi Wäerter, déi mir haut an Europa

hunn, net wäit vun Europa Leit stierwen, well se un déi gleewen! An ech wier frou, dass mer dat net vergiessen, wéi eng Wäerter säit ‘57 duerch den Traité de Rome eis hei an den 28 Länner vun all dësen Atrocitéite préservéiert hunn!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Statsmi-nister. Domat si mer um Enn vun eiser Diskus-sioun an ech géif zum Vote iwwergoen.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6620 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. De Quorum ass erreecht. D’Procuratiounen. Voilà, de Vote ass ofge-schloss.

Mat 60 Stëmmen ass de Projet unanime uge-holl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Lau-rent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler et Michel Wolter (Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten,

Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Barto-lomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot (par M. Claude Haagen), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beis-sel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvin-ger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Pol-fer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.


An ech froen lech dann nach eng Kéier, ob Der dermat d’accord sidd, fir de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote ze entbannen.

(Assentiment)

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-gen, ass eis Sëtzung um Enn ukomm. Eis nächst Sëtzunge sinn den 18. an den 19. Mäerz, wou mer den 18. Mäerz hei am Haus de President vum Europaparlament empfänken hei am Plenum.

Ech wënschen lech nach e schéinen Owend, lech an de Leit, déi eis bis elo suivéiert hunn. Merci.

(Fin de la séance publique à 18.30 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Séance publique de la Chambre des Députés à l’occasion de la visite officielle de Son Excellence Monsieur Martin Schulz, Président du Parlement européen

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
2. Discours de M. le Président
3. Déclaration de M. Martin Schulz, Président du Parlement européen
4. Séance de questions et de réponses
 - 1) Question posée par le groupe politique LSAP
- M. Marc Angel - M. Martin Schulz, Président du Parlement européen
 - 2) Question posée par le groupe politique CSV
- M. Claude Wiseler - M. Martin Schulz, Président du Parlement européen
 - 3) Question posée par le groupe politique DP
- M. Eugène Berger - M. Martin Schulz, Président du Parlement européen
 - 4) Question posée par la sensibilité politique ADR
- M. Fernand Kartheiser - M. Martin Schulz, Président du Parlement européen
 - 5) Question posée par le groupe politique déi gréng
- M. Claude Adam - M. Martin Schulz, Président du Parlement européen
 - 6) Question posée par la sensibilité politique déi Lénk
- M. Justin Turpel - M. Martin Schulz, Président du Parlement européen

Prennent place dans les tribunes: Madame Astrid Lulling et Monsieur Charles Goerens, membres luxembourgeois du Parlement européen.

Dans la salle des séances publiques prennent place, outre les membres de la Chambre des Députés, les membres de la délégation de Son Excellence Monsieur Martin Schulz.

Au banc du Gouvernement se trouvent: Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre; Monsieur Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; Messieurs Romain Schneider, Félix Braz, Nicolas Schmit, François Bausch, Fernand Etgen, Madame Maggy Nagel, Messieurs Pierre Gramegna, Dan Kersch, Claude Meisch et Mesdames Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres.

Son Excellence Monsieur Martin Schulz gagne la salle des séances publiques et prend place à côté de Monsieur le Président Mars Di Bartolomeo, qui, à 14.42 heures, ouvre la séance publique et pro-nonce le discours de bienvenue suivant:

1. Ouverture de la séance publique

► **M. le Président.** - Eis Sëtzung ass op.

2. Discours de M. le Président

Här President vum Europaparlament, léiwe Martin Schulz, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kollegen, ech si ganz frou, fir de President vum Europaparlament haut bei eis begrëissen ze kënnen. An ech géif, och wann e vill Lëtzebuergeresch versteet, wann Der erlaabt, op Däitsch iwwergoen.

Zu diesem für die Europäische Union beson-ders wichtigen Zeitpunkt einen großen Euro-päer in unserer Mitte begrüßen zu dürfen, ist für uns eine große Ehre. Martin Schulz ist ein Nachbar: in Eschweiler bei Aachen geboren und aufgewachsen, war er über zehn Jahre in derselben Gegend auch Bürgermeister von Würselen.

Martin Schulz ist ein Europäer, der es geschafft hat, in Brüssel mit viel Engagement Einfluss zu gewinnen. Er stammt, wie auch wir Luxembur-ger, aus einer Grenzregion, wo man nicht nur in Richtung nationale Hauptstadt blickt, sondern auch über die Grenzen, um festzustellen, dass dort nicht alles anders ist. Ich denke, wir haben gerade deshalb dasselbe Selbstverständnis von Europa: ein Europa, das uns Frieden, Freiheit, Rechtsstaatlichkeit, Wohlstand und soziale Si-cherheit gebracht hat. Werte, von denen Men-schen außerhalb der EU oft nur träumen können.

Martin Schulz hat seit vielen Jahren dazu beige-tragen, dass das Europaparlament von den Re-gierungen und der Kommission gehört wird, ganz besonders natürlich als dessen Präsident seit dem Jahre 2012.

Klar erkennbar ist in dieser Hinsicht auch die verbesserte Einbindung der nationalen Parla-mente in den europäischen Entscheidungspro-zess. Mit dem Lissabon-Vertrag können die na-tionalen Parlamente weitaus mehr Einfluss und Verantwortung im europäischen Entscheidungs-prozess übernehmen, wenn sie es denn wollen.

Die Ausrede vieler Nationalpolitiker: „Das kommt von Brüssel, dagegen kann man nichts tun“ hat also ausgedient. Wir können sehr wohl mitgestalten und mitentscheiden.

Die Luxemburger Abgeordnetenversammlung hat dieses Recht genutzt und seit 2010 17 begrün-dete Stellungnahmen im Rahmen der Kontrolle

des Subsidiaritätsprinzips an die europäischen Institutionen gerichtet, die den nationalen Par-lamenten das Recht einräumen, auf die EU-Ge-setzgebung einzuwirken. Außerdem wurden in der gleichen Zeit 20 sogenannte „politische Stellungnahmen“ nach Brüssel geschickt. Dieses Instrument hat für nationale Parlamente den Vorteil, einen noch breiteren inhaltlichen Bei-trag zu den politischen Initiativen aus Brüssel leisten zu können.

Ich würde mir allerdings wünschen, dass die Netzwerke zwischen allen nationalen Parlamen-ten und zwischen unseren Parlamenten und dem Europaparlament verstärkt werden, im Sinne einer wirksamen parlamentarischen Arbeit, im Interesse des Gleichgewichts zwischen den Institutionen und einer besseren Kontrolle und Einflussnahme gegenüber Regie-rungen und EU-Kommission.

Die stärkere Einbindung der nationalen Parla-mente soll nicht dazu dienen, die EU auszu-bremsen, sondern kann ihr ganz im Gegenteil zu größerer Legitimität verhelfen und sie dem Bürger wieder näher bringen. Und genau da wartet eine Herkulesarbeit auf uns. Denn ich fürchte, dass viele unserer Bürger Europa zurzeit nicht mehr so sehen, wie die Pioniere der Euro-päischen Union es erdacht haben.

Die Krise hat uns nicht nur vor ökonomische und finanzielle Probleme gestellt. Die zum Teil einseitigen Antworten auf die Krise haben darü-ber hinaus zu einem starken Vertrauensverlust unserer Bürger in die EU geführt und Millionen Menschen zu Arbeitslosen gemacht.

Ja, die EU hat mit einer beachtlichen Schnellig-keit auf die Krise reagiert, und das war gut so. Ich werde aber den Eindruck nicht los, dass die Krisenbewältigung zu einer neuen Gewichtung der Werte in der EU geführt hat und die Buch-haltermentalität das Soziale in eine Nebenrolle gedrängt hat. Dabei gehört das Binom, das Gleichgewicht zwischen dem Ökonomisch-Fin-anziellen und der Sozialpolitik, zu den Haupt-trümpfen der Europäischen Union.

Ich bin davon überzeugt, dass Europa entweder seiner sozialen Berufung treu bleibt oder das Vertrauen seiner Bürger verspielt. Ou, en d’autres mots: Monsieur le Président, l’Europe restera une Europe sociale ou ne sera plus.

Europa kann nicht auf einem sozialen Trümmer-haufen aufgebaut werden. Und wir sollten da-mit aufhören, unsere Sozialsysteme einseitig als Kostenfaktor und Risikofaktor für die Staatshaus-halte darzustellen.